**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Madame la ministre de la Protection des consommateurs, Martine Hansen, à la question parlementaire n°1715 du 2 janvier 2025 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet des compteurs intelligents**

1. ***Wéi vill intelligent Compteuren sinn insgesamt hei zu Lëtzebuerg installéiert ginn ?***

Bis den 31. Dezember 2024 ware landeswäit 343.701 intelligent Compteure fir de Stroum an 91.559 intelligent Compteure fir de Gas installéiert ginn.

2. ***Wéi vill huet d'Installatioun vun den intelligente Compteuren am ganze Land insgesamt kascht?***

D'Käschte vun der Installatioun vun den intelligente Compteure sinn an der Haaptphas vum Austausch vun de Compteuren, an der Period 2017-2020, vum Regulateur am Detail verfollegt ginn. An deem Zäitraum sinn am Stroum Beräich Käschte vun 53.260.867 EUR an am Gas Beräich vun 20.903.097 EUR ugefall.

3. ***Wéi vill Reklamatiounen an Zesummenhang mat der Ëmstellung op intelligent Compteuren sinn insgesamt agereecht ginn? A wéi eng Kategorien ënnerdeelen sech dës Reklamatioun (Facturatioun, Technik, etc.) a wéi verdeelen sech dës Fäll an dëse Kategorien?***

D'Unzuel vu Reklamatiouns-Dossieren zum Thema "Smart Meter" déi de gréissten Netzbedreiwer am Land, Creos, traitéiert huet sinn am Tableau hei drënner pro Joer duergestallt :

| **Joer** | **Zuel un Dossieren** |
|---|---|
| Virun 2020 | 299 |
| 2020 | 245 |
| 2021 | 657 |
| 2022 | 349 |
| 2023 | 244 |
| 2024 | 208 |

Präzisiounen zu de Kategorie vun dëse Reklamatioune sinn net verfügbar.

Déi aner Netzbedreiwer hu matgedeelt, datt se eng kleng Unzuel u Reklamatioune kruten. Doriwwer eraus ass matgedeelt ginn, datt déi meescht Dossieren am Kontext vun den intelligente Compteuren duerch d'Iwwermëttele vu verschiddenen Informatiounen einfach konnte gekläert ginn.

Bei der Direktioun fir Konsumenteschutz si keng Ufroen am Zesummenhang mat der Ëmstellung op intelligent Compteure verzeechent ginn. Op Nofro informéiert d'Union Luxembourgeoise des Consommateurs (ULC), datt si an de Joren 2018 bis 2020 insgesamt 24 Demanden era krut. Zënter

2021 ass d'Unzuel vun den Dossier staark réckleefeg. Dobäi goung et e puer mol drëm op een d'Installatioun vum Smartmeter ka refuséieren oder einfach méi generell Froen. Verschidde Konsumenten hunn och Gesondheetsbedenken ervirbruecht.

Luxembourg, le 31/01/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles